**Stamminee Ronnen Dësch a.s.b.l.**

**Reglement an allgemeng Bedingunge fir d’Participatioun un der "Nuetskavalkad"**

Bevir dir iech umellt fir d’”Nuetskavalkad“, organiséiert vum Stamminee Ronnen Dësch a.s.b.l. an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Käerch, liest w.e.g. d'Reglement fir d’Participatioun (RP) opmierksam duerch.

D’Participatioun un der Nuetskavalkad ass un d’Akzeptanz vun dësem RP gebonnen.

## 1. Definitiounen zu der Nuetskavalkad

1.1. **Organisateur**: “Stamminee Ronnen Dësch a.s.b.l.” an Zesummenaarbecht matt der Gemeng Käerch

1.2. **Event**: Nuetskavalkad, Ëmzuch, an de Stroossen vun der Gemeng Käerch

1.3. **Participant**: All Persoun, déi sech op der Websäit vum Organisateur fir den Event ugemellt huet an déi Participatioun bestätegt krut

1.4. **Websäit**: www.nuetskavalkad.lu

## 2. Aktioun vum RP

2.1. Dësen RP definéiert d'Zesummenaarbecht tëscht dem Organisateur an dem Participant.

2.2. Mat der Umeldung zum Event erkennt de Participant den RP un.

2.3. Den Organisateur kann zu all Moment den RP änneren andeems eng nei Versioun op der Websäit www.nuetskavalkad.lu veröffentlecht gëtt. Déi nei Versioun vum RP gëllt direkt no der Veröffentlechung an ersetzt all aner Versioun.

## 3.1 Umeldung fir d‘ Nuetskavalkad

3.1. D’Umeldung zur Nuetskavalkad ass gratis a kann nëmmen iwwert d'Websäit www.nuetskavalkad.lu gemaach ginn.

3.2. Den Organisateur stellt de Formulaire fir d‘Umeldung fir Nuetskavalkad op der Websäit zur Verfügung. Den Organisateur behält sech d'Recht fir d’Umeldung zu all Moment ze stoppen.

3.3. D’Umeldung ass eréischt gëlteg duerch d'Confirmatioun vun engem Mail duerch den Organisateur déi de Participant kritt

3.4. Den Organisateur behält sech d'Recht fir d'Ufroe fir d'Participatioun ze bewäerten, besonnesch fir de Respekt vun de Critèrë fir d'Participatioun um Event ze garantéieren. Den Organisateur ass fräi d' Umeldung ze refuséieren.

3.5. De Participant, deen un un der Nuetskavalkad wëll deelhuelen, muss déi néideg Informatioun uginn, déi am Formulaire gefrot ginn. Den Organisateur kann net verantwortlech gemaach ginn, wa wichteg Informatiounen oder Confirmatioune fir de Participant net bei him ukomme wéinst enger falscher E-Mailadress.

3.6. De Participant confirméiert mat der Umeldung, datt hie volljäreg ass. Wann de Participant fir eng juristesch Persoun oder eng Associatioun handelt, confirméiert hien, datt hie gesetzlech autoriséiert ass, dës ze vertrieden.

3.7. De Participant engagéiert sech, all korrekt Informatiounen un de Organisateur ze ginn. Hie veréchert, datt di perséinlech Daten zu all Moment korrekt sinn an der Wourecht entspriechen. Am Fall vun engem Feeler oder enger Ännerung muss de Participant den Organisateur direkt informéieren.

3.8. D'perséinlech Daten, déi duerch den Umeldungsformular gesammelt ginn, gi gemiess dem Dateschutzgesetz vum Organisateur behandelt.

**4. Critère fir d'Participatioun um Event**

4.1. Präferenz gëllt der Originalitéit vun den Themen, déi proposéiert ginn. All Thema, dat diskriminéierend an/oder ustéisseg ass gëtt refuséiert.

4.2. Net anhale vum RP kann dozou féieren, dass d'Participatioun refuséiert gëtt an/oder de Participant fir zukünfteg Nuetskavalkaden an zukünfteg Eventer ganz ausgeschloss gëtt.

4.3. D'hënnescht Rad vum Gefier däerf net méi wéi 1,8 m héich sinn.

4.4. D'maximal Héicht vum Gefier/Won/Cortège däerf net mei wie 4,3 m sinn.

**5. Verantwortung vum Participant**

5.1. De Participant, respektiv d'Persounen, déi beim Event dem Participant assistéieren, iwwerhuelen hir zivil a strofrechtlech Verantwortung an dem Fall vu Feeler oder net anhale vu Reegelen. Den Organisateur iwwerhëlt keng Verantwortung fir Schied, déi duerch aner Participanten oder Drëtter verursaacht ginn.

5.2. Den Transport vu Persounen op engem Won (dorënner fält all Zort vu gezunn a gedréckte Ween) ass nëmme méiglech mat enger temporärer Erlabnis vum Ministère fir Mobilitéit a Transport. Et ass dem Participant seng Aufgab, eng Ufro am Viraus beim Ministère anzereechen. Eng Kopie vun der Erlabnis muss dem Organisateur eng Woch virun dem Event geschéckt ginn, soss kann de Participant ausgeschloss ginn.

5.3. De Participant ass verantwortlech fir d'Gültegkeet vun allen Dokumenter, déi säi Gefier betreffen (Pabeieren, Versécherung, etc.). Eng Kopie vun den Dokumenter muss eng Woch virun dem Event un de Organisateur geschéckt ginn.

5.4. De Participant muss 1 Chauffeur vum Gefier virun dem Event designéieren. De Chauffeur muss déi néideg Erlabnisser hunn, fir d' Gefier ze fueren an de Chauffer däerf net ënnert dem Afloss vun Alkohol oder Drogen um Dag vum Event sinn.

5.5. De Participant muss och Begleeder fir d'Gefier wärend dem ganzen Event designéieren (gemiess Artikel 6.1. vun dësem RP).

5.6. Alkoholverbuet fir Leit, déi méi jonk wéi 16 Joer sinn: D'Gesetz vum 29. Juni 1989 verbitt et, Alkohol u jonk Leit, déi manner wéi 16 Joer al sinn, ze verkafen oder ze verdeelen.

5.7. Opféierungen däerfen net méi laang wéi 2-3 Minutten daueren.

5.8. Verpackungsmaterial soll um Won bleiwen an um Enn vum Parcours direkt an déi speziell dofir virgesi Containere geworf ginn. Keen „Dreck“ däerf ob d'Strooss geworf ginn.

**6. Sécherheet**

6.1. Fir sécherzestellen, datt eng sécher Distanz tëscht dem Gefier an den Zuschauer ass wärend dem Parcours, muss de Participant véier (4) Begleeder designéieren. Si musse sichtbar a gutt rëm ze erkenne sinn (Gilet de Sécurité).

6.2. De Chauffeur vum Gefier muss ëmmer d'Gefier kontrolléieren an dierf sech net oflenke loossen (z.Bsp. Handy benotze wärend dem fueren).

6.3. D'Benotzung vu Feier oder Pyrotechnikelementer ass verbueden. All Gefier, Won, Unhänger muss mat engem Feierläscher ausgerüst sinn.

6.4. D'Gefier däerf keng ze schaarf Elementer (Kanten) hunn, déi zu Verletzunge féiere kënnen.

6.5. Et ass recommandéiert fir u Gefierer (Zuchmaschinn a Won) Schutzariichtunge bei de Rieder unzebauen, fir d'Sécherheet vun alle Participanten ze garantéieren.

6.6. Betanken vun engem Groupe (oder änlechem) ass verbuede wärend der Veranstaltung.

6.7. Den Transport vu Persounen op der Zuchmaschinn ass strikt verbueden!

6.8. D'Distributioun vu Glas oder metallenen Objekter an d'Richtung vun den Zuschauer ass strikt verbueden.

6.9. D'Benotzung vu Kanoune fir Konfetti ass erlaabt, awer net fir an oder op Zuschauer ze schéissen.

6.10. Den Niveau vun der Sonorisatioun muss raisonabel sinn an däerf 90 db net iwwerschreiden!

6.11. De Participant akzeptéiert Kontrolle vun den autoriséierten Autoritéite fir d'Sécherheet.

6.12. De Participant muss all Instruktioune vum Organisateur, der Police, dem CGDIS an aneren Autoritéite respektéieren.

6.13. D'Benotze vu Gasstrahler ass net erlaabt.

6.14. Fir den Ofbau an d'Botze vun der Plaz ze vereinfachen, gëtt gebueden, op Konfetti ze verzichten.

**7. Informatiounsversammlung**

7.1. Den Organisateur invitéiert all Participant duerch E-Mail zu enger Informatiounsversammlung, déi normalerweis 3 Woche virum Event stattfënnt. D'Participatioun an der Versammlung ass obligatoresch. Wann de Participant net un der Versammlung deelhëlt, kann et zu sengem Ausschloss vum Event kommen.

7.2. All Participant muss 1 oder 2 Persounen als Representantë fir d'Participatioun un der Informatiounsversammlung designéieren.

7.3. Wärend der Informatiounsversammlung kritt all Participant eng Startnummer fir de Cortège. D'Startnummer muss sichtlech vir um Gefier ubruecht ginn.

7.4. Et ass net méiglech, déi am Artikel 7.3 genannte Materialien den Dag vum Event ofzehuelen. Wann de Participant net un der Informatiounsversammlung deelhëlt, ass et seng Verantwortung, sech beim Organisateur ze mellen, fir d'Material ze kréien.

**8. Oflaf vum Event**

8.1. De Participant muss den Dag vum Event spéitstens bis 16:00 Auer beim Treffpunkt sinn, fir seng Positioun laut senger Startnummer bei der Nuetskavalkad anzehuelen.

8.2. D'Zirkulatioun ass ab 15:00 Auer an der Gemeng Käerch limitéiert oder gespaart. De Participant ass verflicht, all Accès-Informatiounen, déi wärend der Informatiounsversammlung iwwerreecht goufen, ze respektéieren. Den Organisateur kann net verantwortlech gemaach ginn, wann de Participant net zur Zäit op den Treffpunkt kënnt.

8.3. Eng Persoun vum Participant muss fir all Sécherheetskontroll op der Plaz, déi vum Organisateur festgeluecht ginn, zur Verfügung stoen. De Chauffeur vum Gefier muss beim Gefier bleiwen.

8.4. Den Accès zum Treffpunkt fir d'Noutdéngschter muss zu all Moment geséchert sinn

8.5. All Participant (Trakter, Camion, etc.), deen um Cortège deelhëlt, muss mat reduzéierter Geschwindegkeet fueren.

8.6. Exzessiv Emissioune vun Ofgase sinn am ganze Cortège verbueden.

8.7. Als Nuetskavalkad gëtt verlaangt, dat all Participant nëmme Karnevals- a Festmusek spillt wärend dem ganze Cortège.

8.8. Um Enn vum Parcours muss de Participant direkt all Soundausrüstung an all Generator ausschalten.

8.9. No dem Verloosse vum Parcours ass et verbueden, d'Gefier ausserhalb vun den dofir virgesinne Plazen ze parken.

**9. Verdeelung un Zuschauer**

9.1. D'Verdeelung vu Gedrénks un d'Zuschauer ass nëmmen erlaabt wärend dem Cortège.

9.2. Et ass verbueden, Alkohol u jonk Leit, déi manner wéi 16 Joer al sinn, ze verdeelen.

9.3. D'Verdeelung vu sougenanntem „staarken" Alkohol ass verbueden, besonnesch Wodka oder Drëpp.

9.4. Wann de Participant Iesswuere wéi Séissegkeeten, Popcorn oder Chips asw. ausdeele wëll, muss de Participant sécherstellen, datt de Verfallsdatum respektéiert gëtt. Et ass strikt verbueden, ofgelafen a verduerwen Iesssaachen auszedeelen

**10. Sanktiounen**

10.1. Den Organisateur behält sech d'Recht vir, Sanktiounen am Fall vu Verstéiss vum Participant géint d'Artikele 5 bis 9 vum Règlement aus ze spriechen.

10.2. De Participant wäert per E-Mail informéiert ginn iwwert déi festgestallte Verstéiss an engem Zäitraum vun 3 Méint nom Event. All Recours vum Participant muss schrëftlech formuléiert ginn am Zäitraum vun 1 Woch no der Matdeelung vun der Sanktioun. No dësem Zäitraum ka kee Recours méi gemaach ginn.

10.3. Bei engem schwéiere Verstouss géint d' Artikele 5, 6 an 9 kann de Participant ausgeschloss ginn an och Participatioun un zukünftegen Eventer kann ausgeschwat ginn.

**11. Intellektuellen Eegentum a Benotzung vu Fotoen/Videoen**

11.1. Den Organisateur ass de Besëtzer vum Internet Site www.nuetskavalkad.lu. All Marken, Nimm, Logoen, Fotoen, visuell Elementer, Text an aner Materialien, déi um Site benotzt ginn, gehéieren dem Organisateur oder de Partner. D'Reproduktioun, Modifikatioun oder Benotzung vum Inhalt fir kommerziell oder ëffentlech Zwecker ass strikt verbueden ouni virdrun d'Erlabnis vum Organisateur gefrot ze hunn .

11.2. De Participant ass informéiert, datt Fotoe wärend dem Event gemaach ginn. De Participant akzeptéiert, datt d'Biller vum Organisateur fir déi verschidde Kommunikatiounsplattforme benotzt kënne ginn. Et kënne keng finanziell Ufuerderunge gestalt gi wat d'Veröffentlechen an d'Benotze vun de Fotoen ugeet.

11.3. De Participant kann den Organisateur froe fir Fotoe vum Internet Site ewech ze huelen. Den Organisateur entscheet iwwert d'Entfernung vun der/de Foto(en).

**12. Annulatioun vum Event**

12.1. Am Fall vu Force majeure, wéi z.B.eng Gesondheetskris, Naturkatastroph, Terrorismus oder aner Evenementer, déi et dem Organisateur onméiglech maachen den Event ze organiséieren, behält den Organisateur sech d'Recht fir, den Event ze annuléieren.

12.2. Am Fall vun der Annulatioun vum Event gëtt et kee Recht fir den Organisateur ëm eng Participatioun un de Fraisen ze froen (egal vu wéi enger Zort).

**13. Schutz vun de perséinlechen Donnéeën**

13.1. All Donnéeën, déi am Kader vum Règlement gesammelt ginn, ginn an Iwwereneestëmmung mam Dateschutzgesetz behandelt.

**14. Garantie an Haftungsausschloss**

14.1. Den Organisateur ass just fir direkt Schied haftbar, déi aus engem absichtleche Feeler oder enger graffer Verletzung vu senger Pflicht sengersäits entstinn.

14.2. All extrakontraktuell Haftung ass ausgeschloss.

14.3. Den Organisateur kann net fir d'Dote vun Drëtte souwéi vun externe Fournisseuren oder Serviceprovider, verantwortlech gemaach ginn.

**15. Gültegkeet a Previsibilitéit**

15.1. Falls eng oder méi Bestëmmunge vum Règlement als ongülteg oder ineffektiv erkennbar ginn, huet dat keen Afloss op de Rescht vum Vertrag oder déi bezunne Bestëmmungen.

**16. Kontaktdonnéeën**

**Stamminee Ronnen Dësch a.s.b.l**
**2, rue de Windhof**
**L-8384 Koerich**

**info@stamminee.lu**

**17. Gëltend Recht**

17.1. Nëmmen d’Onlineversioun vum Reglement gëllt. Dëst Reglement gëtt exklusiv vum Lëtzebuergesche Recht regéiert.

Versioun: 1.Januar 2025